ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 2810

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. September 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

D'Sécherheetsmoossnamen am Kader vum Covid19 haten e groussen Impakt op de Schoulunterrecht. Wärend verschidde Schüler vläicht vun der Situatioun profitéiert hunn, och well d'Elteren doheem waren a sech eventuell méi intensiv ëm si këmmere konnten, haten aner Schüler net déi Chance. Virun allem déi Schüler, déi, aus ënnerschiddleche Grënn, keng Hëllef doheem haten, riskéieren dem erwaarte Schoulniveau net gerecht ze ginn a schoulesch Schwächten a Bildungslücke méiglecherweis net méi opgeschafft ze kréien. D'Léierpersonal deelt den Elteren hir Suergen an ass der Meenung, datt déi vum Educatiounsministère organiséiert Nohëllefcoursen eleng dëse Problem kaum léise kënnen.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Educatiounsminister gär dës Froe stellen:

1. Ass den Här Minister der Meenung, datt duerch dës Initiativ vun der fakultativer Nohëllef, esou kuerz virum Schoulufank, déi duerch méintelaang Covid19-Moossnamen entstanen oder vergréissert schoulesch Schwächten a Bildungslücken, effektiv kënnen opgefaange ginn?
2. Ass den Här Minister der Meenung, datt esou eng kriddeleg Aarbecht wéi de Schoulunterrecht, déi eng zolidd Kompetenz erfuerdert an och Erfarung viraussetzt, ka vu Studenten iwwerholl ginn, déi keng pedagogesch Erfarungen oder Formatioune matbréngen? Wei begrënnt de Minister dëst? Wéi wäit ass et iwwerhaapt sënnvoll, Studente fir déi Aarbecht anzesetzen, fir wéi eng Fächer a wéi eng Klassen?
3. Wéi wëllt den Här Minister feststellen, wéi d'Schüler an dëser dach aussergewéinlecher Situatioun um schouleschen Niveau avancéiert sinn, respektiv wou Retarde sinn?

4. Zitt den Här Minister a Betruecht, déi standardiséiert Tester virzezéien a si schonn um Ufank vum neie Schouljoer ze maachen, fir esou de schouleschen Niveau vun de Kanner eenheetlech a fréizäiteg festzestellen, esou datt d'Elteren an d'Léierpersonal hei Kloerheet hunn? Wa jo, wéini sollen déi Tester gemaach ginn? Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2810 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

Fir déi Schüler ze ënnerstëtzen déi wéinst der COVID-19-Pandemie Lacune cumuléiert hunn, huet de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend Nohëllefscoursen organiséiert, déi een Element vun enger méi vaster Offer sinn:

- Summerschool vum 31. August bis den 11. September: Nohëllefscourse fir d'Schüler aus dem Enseignement fondamental an dem Enseignement secondaire;
- Ausbau vun der digitaler Plattform mat Léiermaterial: schouldoheem.lu. Eng spezifesch Rubrik erlaabt et den Elteren an de Schüler gratis Exercicë mat Corrigéen erofzelueden, souwuel am Hibléck op déi perséinlech Besoine vum Schüler wéi op d'Matière, déi baussent de Schoulstonnen ze widderhuelen ass;
- Rotschléi a pedagogesch Hëllef duerch eng Helpline;
- Rattrapage am 1. Trimester. Ech verweisen an dësem Kontext op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 2713 Ad 8).

All des Mesuren droen derzou bäi déi schoulesch Schwächten a Lacunen vun de Schüler opzefänken.

**Ad 2)**

Fir déi verschidden Nohëllefscoursen an de Lëtzebuerger ëffentleche Grondschoulen ze assuréieren, gouf op folgend Agenten zréckgegraff: Enseignanten, temporaire Remplaçanten a Memberen vum Pool national études surveillées.

Am Kader vum Rekrutement vun dësem Personal ass besonnesche Wäert drop geluecht ginn, fir ausschliisslech déi Kandidaten zeréckzebehalen, déi schonn Erfarung am Ëmgang an Encadrement vu Kanner am Grondschoulalter konnte virweisen. Fir d'Nohëllefscourse goufe keng nei Persoune rekrutéiert, mee et gëtt op déi Leit zeréck gegraff, déi och schonn am Kader vum Enseignement en alternance intervenéiert sinn an an dësem Kontext zwee Méint praktesch Erfarung an de Grondschoule sammelen konnten. Wärend dësen zwee Méint haten si ëmmer d'Méiglechkeet, sech mam Schoulpersonal iwwert déi schoulesch Aktivitéiten auszetauschen an op den Enseignanten hir wäertvoll Erfarung zréckzegräifen, fir eng gelonge Prise en charge vun de Kanner ze assuréieren.

Déi temporaire Remplaçanten hunn ausserdeem am Kader vun hirer Formatioun véier Wochen Stage gemaach a zum grousen Deel schonn an de Lëtzebuerger Grondschoule Remplacementer assuréiert, wouduerch och si weider Erfarung am Schoulhale sammele konnten.

Déi ausgewielten temporaire Remplaçanten a Membere vum Pool national études survéillées goufen ausserdeem an deene Schoule fir den Nohëllefscours agesat, an deenen si schonn am Kader vum Enseignement en alternance Kanner betreit hunn.

Fir d'Akteuren, déi d'Nohëllefsstonnen assuréieren, ze ënnerstëtzen, goufe spezifesch fir déi eenzel Offere vum "Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques" (SCRIPT) geziilt Aktivitéiten ausgeschafft, déi den Developpement vun den essentielle Contenue viséieren. D'Léierpersonal, dat am Kader vun den Nohëllefscoursen intervenéiert, kann sech ënnert anerem op dës Aktivitéiten, déi um Internetsite www.schouldoheem.lu zougänglech sinn, baséieren, fir esou een optimalen Developpement vun de Schüler hire Kompetenzen ze assuréieren.

Och fir d'Nohëllefcoursen am Enseignement secondaire kruten déi Kandidaten mat Erfarung Prioritéit. Och si konnten op d'Material zeréckgräifen, dat vum SCRIPT ausgeschafft gouf. Op dës Manéier konnt och fir d'Lycéesschüler e qualitativ héichwäertegen Encadrement assuréiert ginn.

**Ad 3 + 4)**

Ech erënneren den Här Deputéierten u meng Äntwert op de Punkt 14 vu senger parlamentarescher Fro Nr. 2432. Op Basis vun dëser Argumentatioun gëtt et keng Begrënnung fir en fréizäitegt Ëmsetze vun de standardiséierten Tester.